déi Jonk am Mouvement Écologique

move.meco.lu
facebook.com/move.lu

# move.Visiounen

## fir d'Gemengewalen am Oktober 2017




Wouriwwer ka meng Gemeng entscheeden?
Wat wëll ech a menger Gemeng veränneren?

## Wat wielen ech bei de Gemengewalen?

An all Gemeng gëtt et e Gemengerot. Direkt vun de BiergerInne vun der Gemeng gewielt, entscheeden d'/de Buergermeeschtesch/Buergermeeschter, seng Schäffen an d'Gemengeconseilleren iwwert eng ganz Rei Beräicher vun der Gemeng.





## Wéi gett gewielt?

Zu Lëtzebuerg ginn et aktuell 105 Gemengen.

An de Gemenge mat ënner 3000 Awunner (62 Gemengen zu Lëtzebuerg), kann een seng Stemmen de verschiddene Kandidate ginn.

An de Gemenge mat iwwer 3000 Awunner (43 Gemengen), kann ee seng Stëmmen (d'Zuel vun de Stëmmen hänkt vun der Gréisst vun der Gemeng of) op d'Kandidate vun e puer Parteie verdeelen („Panachage") oder enger Partei ginn. Wann ee seng Stëmmen all enger Partei gëtt, kann een entweder e Kräiz iwwert d'Partei setzen oder awer geziilt un verschidde Kandidate verdeelen. Zu Lëtzebuerg ginn et am Moment folgend Parteien am nationale Parlament CSV, LSAP, DP, déi gréng, déi Lénk, ADR – dës trieden och a ville Gemengen un.

## Wouriwwer ka meng Gemeng entscheeden?

Als staatlech Institutioun huet eng Gemeng Aufgaben, déi se verflicht ass auszeféieren. Dozou gehéiert d'Organisatioun vu verschiddene Beräicher déi den Alldag betreffen, wéi d'Ëmwelt, d'Grondschoul, d'Stroossen, d'Sécherheet, d'Police, asw...

D'Gemeng kann awer och Initiativen ergräifen déi iwwer hir minimal Flichten erausginn, wéi ekologesch Infrastrukturen ze bauen (Klimapakt) oder d'Kultur ze förderen (Sportsclub, Museksschoul, Sprochenléierprogramm).

# move.Visiounen
## vun enger liewenswäerter Gemeng

Folgend Gedanke sinn de 7. Mäerz während enger vu move. organiséierter Diskussiounsronn zum Thema Gemengewalen am “Gudde Wëllen” an der Stad Lëtzebuerg entstanen. Zesumme mam Buergermeeschter vun Diddeleng an der Presidentin vum Mouvement Ecologique, hu méi wéi 20 Jugendlecher iwwer hir Virstellunge vun enger zukunftsfäeger Gemeng diskutéiert.



Gutt wier en **Uspriechpartner fir engagéiert BiergerInnen** dee bereet ass Projeten ze diskutéieren an d’Ëmsetzung ze begleeden.

**Méi Fräiraum fir politesch Diskussiounen!** z.B. regelméisseg Treffe wou iwwert d’Zukunft vun der Gemeng diskutéiert ka ginn.

**Gemeinschaft** ass eis wichteg! Och ëffentlech Plaze fir sech ze treffen an ze entspanen. D’BiergInne sollen och d’Méiglechkeet kréien des mat Liewen ze fëllen. z.B. Ping-Pong Dësch

E **gudden ëffentlechen Transport** a gutt **Vëlo’s Weeër**. Och manner Auto’en a méi **autofräi Stroossen.**

Gutt opbereeten Informatiounen iwwert d’Gemeng, mat Internetsäit an **Informatiounen déi jugendgerecht, och iwwer sozial Netzwierker verdeelt ginn.**

**Méi Gréngfläche** fanne mir wichteg!



Du fënns eis Iddien derwäert fir driwwer ze diskutéieren an hues Loscht dech mat anzebréngen?

## Wonschkaart:

Du kenns elo eis Visioun fir eng liewenswäert Gemeng fir muer. Wat ass deng? Wat sinn deng Iddien?

Loscht méi iwwer move. gewuer ze ginn?

E-Mail:

# ALUEDUNG

Gëff dës Wonschkaart engem vu move. oder komm selwer laanscht op déi grouss **move.Gemengewale Versammlung en Donneschdeg, de 6. Juli 2017 um 17h30 am Oekozenter Pafendall, 6, rue Vauban an der Stad.** Hei ginn all d'Iddi'en diskutéiert. Déi offiziell move.Visioune fir d'Gemengewale ginn duerno och ëffentlech verdeelt. Duerno kanns du d'move. Visiounen awer och selwer un d'Kandidaten an d'Parteien an denger Gemeng verschécken. Weider Info'en iwwer move. fënns de op **move.meco.lu**